Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 26. Abrëll 2014

100 JOER
PEAUX - ROUGES
SCOUTEN / GUIDEN DIDDELENG

DE VINCE ZAPPONE

Zu Diddeleng den 29. August 1931 gebuer, koum hien kuerz nom 2ten Weltkrich bei d'Peaux-Rouges. Bis 2011 war hien an eise Reien. Während dësen méi wéi 66 Joer huet hien laang de Posten als Roverchef an Comitésmember bekleed. Vun 1998 bis 2004 wor hien Vize-President vun eisem Grupp. Ëmmer gudd gelaunt an mat positiver Liewensastellung huet hien zesummen mat eis all duerchgehal fir de Projet vum neien Home ze realiséieren. Als Éiere-Vizepresident vun de Peaux-Rouges huet hien sech nach laang Joeren bei den Anciens Peaux-Rouges engagéiert. Wei hien dunn vill krank gouf huet hien sech zesummen mam Nicky ëmmer gewënscht d 'Aweiung vum neien Home nach matzëerliewen, wat och geklappt huet. Bis zou senger Pensioun huet hien als eegestännegen Entrepreneur zou Diddeleng geschafft. Bestuet wor hien mam Maria-Pia CIANCA a Papp vum Silvano an vum Patricia. Leider huet hien eis den 16. Juni 2011 fir ëmmer verlooss.

****